N°8384
Entrée le 17.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.10.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Kooperatioun weiderzeleeden.**

D'UNRWA freet dréngend 104 Milliounen US Dollar fir hir humanitär Aarbecht am Gaza Stréif. Déi Fongen gi gebraucht fir op déi direkt Liewensmëttel-, Gesondheets-, Ënnerdaachs- a Schutzbedürfnisser vu bis zu 250.000 Persounen ze reagéieren, déi Sécherheet an UNRWA Strukturen a Gaza sichen an aner 250.000 Palästina Flüchtlingen an der Gemeinschaft. D'Bedierfnesser vu spezifesche vulnérabele Gruppen si berécksiichtegt ginn, dorënner Fraen, Kanner, Leit mat Behënnerungen an eeler Leit. Dëst Geld soll fir déi nächst 90 Deeg den Leit a Gaza hëllefen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert Lëtzebuerg sech un dësem Hëllefsruff bedeelegen?
2. Wa jo, wéi vill Geld wäert Lëtzebuerg zur Verfügung stellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten